ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 14. Januar 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Aarbechtsminister an un den Här Minister fir sozial Sécherheet weiderzeleeden.

Mir ass e rezent e Fall zougedroe ginn, wou eng Persoun, déi vun der Adem eng Aarbechtsplaz am Horeca-Secteur vermëttelt krut, en Aarbechtsonfall (Verbrennung) erlidden huet. Dem Betreffenden ass doropshi vum Patron matgedeelt ginn, datt si hir Versécherung net opsiche sollt, wëll déi Persoun (nach) net vum Patron ugemellt war. Dem Betraffenen ass doropshi matgedeelt ginn, sech un d'ITM (Inspection du travail et des mines) ze adresséieren, wou den Dossier awer bis elo kee Suivi krut.

An deem Kontext hätt ech folgend Fro un d'Regierung:

1. Wéi gestalt sech déi allgemeng Rechtssituatioun am Fall, wou eng Persoun en Aarbechtsaccident erleit, déi awer vum Patron net ugemellt ass a wéi gestalten sech an deem Kontext d'Responsabilitéite vun de jeeweils involvéierten Acteuren?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten